gemeng CLIÄRREF

*Fir méi*
**SPORT & BEWEEGUNG**
*Cliärref 2025*

Am Kader vun der Campagne „Fir méi Sport a Beweegung – Cliärref 2025", ass d'Gemeng Cliärref zesumme mat der Sportskommissioun op der Sich no interessanten an innovative Beweegungskonzepter déi d'Leit animéieren a motivéiere solle fir sportlech aktiv ze ginn oder sich ganz einfach méi ze beweegen.

10 Beweegungschallengë gi gesicht. Maach mat a proposéier eis deng Iddi. Och als Veräin kënnt Dir matmaachen. **Bis de 20.03 kanns du eis deng Iddi eraschécken:**
**secretariat@clervaux.lu**

**D'Basiskonditioune vun denger Beweegungschallenge:**

- D'Iddi muss bis de Juni 2025 ëmsetzbar sinn.
- D'Challenge soll machbar si fir Grouss a Kleng, vun 12 Joer un.
- Et soll eng innovativ Iddi sinn.
- D'Challenge ka verschidde Schwieregkeetslevelen hunn oder speziell oder ausgefale Konditioune mat sech bréngen déi d'Matmaachen nach méi interessant maachen. (z.B et gëllt déi schnellsten Zäit, et gëllt déi beschte Verkleedung, etc.).
- All Challengen entsprecht dem selwechte System fir d'Punkteverdeelung.
- D'Sportskommissioun steet Dir zur Säit fir d'Ëmsetzung vun denger Challenge.

**Punkteverdeelung bei enger Challenge:**
Pro gepackte Challenge, kritt de Participant:
1 Punkt

Wann ee wärend der Challenge, e Schwieregkeetsfaktor packt oder eng speziell/ausgefale Konditioun erfëllt:
1 Extra Punkt

**De Kalenner vun de Challengen:**
Fir d'Ëmsetzung ze vereinfachen huet d'Gemeng zesumme mat der Sportskommissioun follgende Agenda opgestallt, wou déi 10 Challengë solle stattfannen:

| | |
|---|---|
| 14. Juni | Nuit du Sport – Lancement vun der Aktioun « Fit fir de Summer »:<br>Challenge N.1, N.2, N.3 |
| 17. Juni | Challenge N.4 |
| 18. Juni | Challenge N.5 |
| 19. Juni | Challenge N.6 |
| 21. Juni | Challenge-Day zu Reiler um Schoulcampus :<br>Challenge N.7, N.8, N.9, N.10 |
| 22. Juni | Präisiwwerreechung am Kader vum Volleksfest fir Nationalfeierdag |

Wéini wéi eng Challenge stattfënnt, entscheet d'Sportskommissioun ob Basis vun den ageschéckten Iddien.

**Matmaachen als Veräin**
Wann Dir als Veräin eng Beweegungschallenge proposéiert, kritt Dir Visibilitéit wärend der Aktioun „Fit an de Summer" op de soziale Medie vun der Gemeng. Dir kritt och d'Chance fir de Participante bei der Beweegungschallenge a Form vun engem Stand Äre Veräin virzestellen an esou nei Memberen ze gewannen.

Maacht elo mat a beweegt eis Gemeng.